Mam Esel un der Spëtzt

Musek: Bob Minette
Text: Sandro Dimola

Moies erwächs du
mat Kleeder a mat Schung um grénge Wues
et gëtt guer keen Zweiwel,
dat seet déng rout Nues,
wéini, wou, a wat
an denger Sauerstad?
É Merde Alors
et war Cavalcade!

Vun der Grussgaass
op d'Kluuster 'riwwer an d'Al Seeërei,
do geet guer kee Wee
laanscht di flott Brauerei.
Du verkleets dech a wackels
an tierkels duerch d'Gaassen,
fänks u mat juxe,
mat laachen a mat spaassen.

2 x REF:
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an der Gaass.
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an hu Spaass.
Mat eisem Esel un der Spëtzt
hu mir d'Fei're voll am Blutt.
Mir fei'ren d'Fuesicht, hei zu Dikrich a si lass!

Wéi goung et weider,
mat eiser, schinger Fuesgeschicht?
De Wiert do hannen,
de gouf och besicht.
No een, zwee, dräi
an zwanzeg Humpen:
Ween duecht, et giff
beim Kettchen net méi funken!

REF:
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an der Gaass.
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an hu Spaass.
Mat eisem Esel un der Spëtzt
hu mir d'Fei're voll am Blutt.
Mir fei'ren d'Fuesicht, hei zu Dikrich a si lass!

A weider geet et,
an d'Wiertschaft,
direkt hei em den Eck.
Do steet jo am Jumm
net nach sou ee Geck.
Dee feiert gär a spéit,
bis an di läscht Stonn.
Zu mengem Gléck spendéiert hien eng Ronn!

REF:
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an der Gaass.
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an hu Spaass.
Mat eisem Esel un der Spëtzt
hu mir d'Fei're voll am Blutt.
Mir fei'ren d'Fuesicht, hei zu Dikrich a si lass!

An eise Loui
vun Dikrich
ass Dag an Nuecht gutt drop,
och no der Cavalcade
an eiser Sauerstad.
Mir Es'le sinn ëmmer dobäi an hu keng gutt an der Kopp.
Danze, fei'ren a laachen
ass hei Vollzäitjob!

2 x REF:
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an der Gaass.
Mir fei'ren d'Fuesicht … Fuesicht! …
an hu Spaass.
Mat eisem Esel un der Spëtzt
hu mir d'Fei're voll am Blutt.
Mir fei'ren d'Fuesicht, hei zu Dikrich a si lass!